Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

# Hoffnung op net-reliéis

## Carte Blanche vum Laurent Schley op RTL-Radio

06.05.2015

*Den Oktavpriedeger Patrick Hubert vun der kathoulescher Kierch huet sech d'Hoffnung als Thema geholl a stellt genau déi Hoffnung als e Kaddo vu Gott duer. Wéi net-reliéis Leit mam Thema Hoffnung kënnen ëmgoen, doriwwer mécht sech den Laurent Schley, President vun AHA, e puer Gedanken a senger Carte blanche mam Titel "Hoffnung op net-reliéis".*

Vu reliéise Leit gëtt oft sou gemaach, wéi wann d'Hoffnung eppes wier, wat de Mënschen vun engem iwwernatierleche Wiesen, wat si "Gott" nennen, geschenkt gi wier. Domadder wier dat jo dann näischt fir net-reliéis Leit, fir rationell denkend Leit, di jo bekanntlech net un sou Saachen wéi ee Gott gleewen. Implizit géing dat also heeschen, dass déi rationell Leit ouni Hoffnung duerch d'Liewe ginn. Mat sou enger Ausso kann ech als Humanist an Atheist, deen un d'Mënschheet gleewt, natierlech op kee Fall d'Accord sinn.

Huele mer mol un, Dir hutt eng schlëmm a bis dato onheelbar Krankheet, profitéiert awer *in extremis* vun engem neien Traitement an iwwerlieft. Ween huet Iech elo gerett? Sot Dir elo éischter dem Dokter Merci respektiv der Equipe vu Wëssenschaftler, déi ënnert Ëmstänn Joeren oder souguer Joerzéngten geschafft hunn, fir en Traitement fir déi Krankheet ze entwéckelen, oder dach awer éischter engem transzendentale Wiesen? An ier Dir vun deem neien Traitement wosst, hutt dir är Hoffnung éischter an d'Medeziner an Wëssenschaftler gesat, oder an ee Gott, fir deem seng Existenz et keen, awer och guer kee Beweis gëtt?

Nach e Beispill, aus der Aktualitéit gegraff. Virun annerhallwer Woch e huet schrot Äerdbiewen den Nepal an d'Nopeschregiounen getraff, mat Dausenden Doudegen an Blesséierten, an Zéngdausende Leit, déi alles verluer hunn. Vläit hoffen e puer vun deenen op ee Gott fir hinnen ze hëllefen. Mee ech denken, déi meescht setzen hier Hoffnung net op ee fiktiven Ausserierdeschen, mee voll a ganz op déi international Hëllef a Solidaritéit, di an de läschten Deeg spontan a ganz ierdesch real, vu villen Länner an Zesummenaarbecht mat ONGen wéi dem Roude Kräiz oder Médecins sans frontières, praktesch a pragmatesch organiséiert gouf.

A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu

Allianz vun Humanisten
Atheisten & Agnostiker

Un dësen zwee Beispiller gesitt Dir, em wat et mer geet: d'Hoffnung besteet am Hei an Elo, an dësem Liewen, op dëser Welt, an net an engem hypotheteschen a net-beweisbare Jenseits. All Vertréischten mat Hoffnung op een Liewen nom Doud ass fir mech e Bedruch un der Mënschheet an d'Rechtfertegung fir sech op dëser Welt mat desolaten Situatiounen zefridden ze ginn. Fir Humanisten ass d'Schicksal vun der Mënschheet vill ze wichteg, fir dass mer sou Ongerechtegkeeten a Misär mat feinrhetorescher Apologetik als Kaddoen vun engem net-bewisene Fuebelwiesen akzeptéieren géifen.

Bieden an di vu Passivitéit geprägten Hoffnung op een nächst a bessert Liewen hunn der Welt nach net vill bruecht. D'ass an dësem, eisem eenzege Liewen, op dëser Welt, wou et ëm d'Wurscht geet: wa jiddereen bessi Verantwortung iwwerhëllt a sech aktiv engagéiert, zum Beispill fir eng gutt Educatioun vun eise Kanner, bei der Hëllef fir Matmënschen an Nout, fir di wëssenschaftlech a virun allem di medizinesch Fuerschung, oder fir deene nächste Generatiounen eng propper Ëmwelt a proppert Waasser ze erhalen, da besteet vläit wierklech Hoffnung op eng besser Welt.

*Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker Lëtzebuerg a.s.b.l.* (AHA), www.aha.lu

Mitglied *International Humanist and Ethical* Union (IHEU)
Mitglied *European Humanist Federation* (EHF)
Mitglied *Alliance for a Secular Europe*
Mitglied *Cercle de Coopération des Associations laïque*s (CCAL)

**A.H.A. Lëtzebuerg a.s.b.l.**
ADRESSE POSTALE : B.P. 1013, L-1010 Luxembourg
CCPLLULL: LU56 1111 3101 1809 0000
R.C.S. Luxembourg F8374
SIÈGE SOCIAL: 1, rue Guillaume de Machault, L-2111 Luxembourg
www.AHA.lu
E-MAIL: info@aha.lu